
# Presentatioun vun enger Regioun

Déi fënnef touristesch Regioune vu Lëtzebuerg



1. *Maacht Gruppe vu maximal dräi Leit. Sicht um Internet no Informatiounen zu enger vun deene fënnef touristesche Regioune vu Lëtzebuerg. Maacht duerno eng Presentatioun an der Klass vun „Ärer“ Regioun. Benotzt dofir den Opbau hei drënner.*

Eise Grupp presentéiert d’Regioun …

Geografesch gesi läit dës Regioun …

Hei sinn e puer Zuelen a Fakten zu dëser Regioun: …

Wat besonnesch interessant un dëser Regioun ass, ass …

2. *Wat fir Regioune fannt Dir opgrond vun de Presentatiounen am interessantsten? Verdeelt Punkte vu 5 (= déi interessantst) bis 1 (= déi oninteressantst).*

| **Regioun** | **meng Punkten** |
|---|---|
| Éislek | |
| Mëllerdall | |
| Minett | |
| Musel | |
| Stad an Ëmgéigend | |

3. *Vergläicht an Ärem Grupp, wéi vill Punkten Dir deene verschiddene Regioune ginn hutt an argumentéiert Är Punkteverdeelung. Rechent den Total pro Regioun aus.*

Mir gefält d’Regioun ... am beschten, well ...

Ech hunn der Regioun … x Punkte ginn, well …

Besonnesch beandrockt huet mech bei där Regioun …

Ech war iwwerrascht ze héieren, datt …

Ech hunn der Regioun … nëmmen x Punkte ginn, well …

D’Regioun … fannen ech net sou interessant, well ...

| **Regioun** | **meng Punkten** | **Punkte vum** ____________ | **Punkte vum** ____________ | **Total** |
|---|---|---|---|---|
| Éislek | | | | |
| Mëllerdall | | | | |
| Minett | | | | |
| Musel | | | | |
| Stad an Ëmgéigend | | | | |

*4. Tauscht Iech mat deenen anere Gruppen aus. Deelt Är Gewënnerregioun mat a resuméiert d'Argumenter, mat deene si gewonnen huet.*

An eisem Grupp hat d'Regioun ... déi meescht Punkten.

Argumenter fir dës Regioun sinn zum Beispill ...

Besonnesch gutt gefall huet eis …

Mir waren eis eens doriwwer, datt …

Allerdéngs muss ee soen, datt ...

*5. Preparéiert eng Presentatioun vun enger Uertschaft oder enger Stad zu Lëtzebuerg. Orientéiert Iech dofir un dëser Struktur an illustréiert Är Presentatioun wa méiglech mat Fotoen.*

Wielt e passenden Titel.

Erkläert an der **Aleedung**, firwat Dir dës Plaz gewielt hutt.

Gitt **generell Informatiounen** iwwert d'Plaz an eng kuerz Beschreiwung vun der Regioun, an där se läit.

Maacht duerno eng **detailléiert Beschreiwung** vun der Uertschaft oder der Stad. Gitt op interessant oder wichteg Plazen oder Elementer an, presentéiert Zuelen a Statistiken an erkläert, firwat eng Visitt dohinner sech eventuell lount.

Ronnt Är Presentatioun mat e puer **Schlusswierder** of.